Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 23/11/2022

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Famill an Integratioun & Interieur weiderzeleeden.

Am ofgeännerte Gesetz vum 18ten Dezember 2009 ass d'Aide sociale gereegelt. Iwwert d'Office sociaux kënnen d'Leit Hëllefe kréie fir Waasser-, Stroum- an Heizrechnungen ze bezuelen, fir Dokteschrechnungen ze bezuelen oder fir Iesswueren ze kréien. D'Unzuel u Persounen, déi op Hëllefen ugewise sinn, klëmmt all Joers. Laut Caritas Lëtzebuerg ass d'Frequentatioun vun den 12 Sozial-Epicerien iwwer déi lescht 5 Joer ëm 30 % erop gaangen.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wéi vill Demandë fir Hëllefe goufen an deene leschte 5 Joer vun den Office sociaux ofgeleent ? Aus wat fir enge Grënn ?

2. Wéi vill Demande fir Hëllefe goufen an deene leschte 5 Joer vun den Office sociaux ofgeleent, mam Grond, dass gefroten Dokumenter net mat Zäite per Bréif eragereecht goufen?

3. Wéi vill Persounen hunn an deene leschte 5 Joer op Grond vun enger ofgeleenter Demande ee Recours virum Conseil arbitral gemaach?

4. Wéi vill Persounen hunn an deene leschte 5 Joer op Grond vun enger ofgeleenter Demande ee Recours virum Conseil supérieur des assurances sociales gemaach?

5. Wéi vill vun dëse Persoune krute beim Recours viru béide Conseile Recht zougesprach?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven

Deputéierten